LSAP

lsap.lu

Lëtzebuerg, den 10. Dezember 2024

**WUNNENG OP PLANG: MÉI SCHUTZ FIR DE KEEFER**

Der LSAP ass et wichteg, dass d'Vertrauen um Wunnengsmaart erëm gestäerkt gëtt, an dat zumools beim Kaf vu Wunnengen, déi nach net fäerdeg gebaut sinn. D'Präisser sinn nach ëmmer ganz héich an d'Keefer ginn dem Kaf op Plang géigeniwwer ëmmer méi skeptesch. D'Problematik ronderëm de Wunnengsmaart spëtzt sech ëmmer méi zou an huet dozou gefouert, dass et bei ville Neibauprojeten zu Retarde komm ass. Eng ganz Rei Leit a Familljen, déi op Plang kaaft hunn, sinn hei am Ree stoe gelooss ginn, an hu misse mat héije finanziellen Zousazbelaaschtungen ëmgoen. Dofir proposéiert d'LSAP eng Rei Moossnamen, déi dem Keefer méi Sécherheete garantéieren, Stabilitéit an Transparenz um Marché assuréieren an de Schutz vum Konsument weider stäerken.

Am Géigesaz zu de Propose vun der Regierung, déi elo rezent déi steierlech Avantagë fir d'Investisseure verlängert hunn, ass d'LSAP der Meenung, dass et dréngend och aner Moossname brauch fir der Baukris entgéint ze wierken. Vill Bauprojete ware rezent an de Schlagzeilen an hu gewisen, dass déi aktuell VEFA-Gesetzgebung de Keefer net genügend Schutz bitt. Fir dass den Neibau an dëser Form ka fonctionéieren ass et also wesentlech, dass de Keefer Vertrauen an de Secteur huet an op effizient Garantie kann ziele wann et um Bau zu Schwieregkeete kennt.

"Eis Moossname schafe kloer Reegele fir d'Zousazkäschten um Bau ze limitéieren an d'Delaie bei der Constructioun um Bau méi konkret ze definéieren. Donieft gesinn eis Proposen och geséchert Entschiedegunge fir déi Leit fir, déi opgrond vu Retarden um Bau net ewéi geplangt an hir nei Wunneng kënne plënneren", erkläert d'Taina

LSAP Groupe parlementaire
Tel. +352 621 357 048

#ZESUMMEN

Bofferding an ergänzt, dass d'Leit méi staark musse viru "finanzielle Risiken an Onsécherheete geschützt ginn".

"Eis Propose stäerken net nëmmen de Keefer, mee stabiliséieren de gesamte Bausecteur a schafen e klore Kader fir d'Bauträger", sou d'Paulette Lenert. Ouni eng schnell a konsequent Stäerkung vum Konsumenteschutz beim Kaf vun enger Wunneng op Plang, riskéiert d'Vertrauen an den Neibau weider erofzegoen.

D'LSAP hofft, dass d'Regierung dës Moossname wäert ëmsetzen, well se déi finanziell a juristesch Sécherheet vun de Keefer verbesseren, an esou der Baukris kéinten entgéint wierken.

Konkret fuerdere mir ënner anerem:

- eng verbessert Garantie d'achèvement et de remboursement déi am Fall vun enger Defaillance vum Bauträger och de Remboursement vum Terrainspräis virgesäit;
- eng verstäerkt Kontroll, déi garantéiert, dass dat wat an Tranchë bezuelt och effektiv geliwwert gëtt;
- e Verbuet vun automateschen Indexéierungsklauselen um gesamte Kafpräis;
- eng kloer Reegelung fir d'Entschiedegunge fir de Keefer am Fall vu Verzuch bei der Fäerdegstellung;
- e geriichtlecht Schnellverfahren am Fall vu Problemer bei der Fäerdegstellung vum Bau.